Folgend Veräiner aus der Gemeng Wanseler

d'Pompjeeën Donkels-Soller, d'Pompjeeën Näertrech-Grëmmelescht, d'Chorale Näertrech-Grëmmelescht, d'Frënn Senior Gemeng Wanseler, d'Fraen a Mammen Bärel, de Club des Jeunes, de Keeleclub '94 Donkels an de Syndicat d'Initiative Gemeng Wanseler bedeelegen sech aktiv um téléviesdag 2017, den 22. Abrëll.

De Centre de Promesses 2017 hei am Norden ass zu WËNTGER.

Déi uewe genannten Veräiner invitéieren zesummen, de

Sonndeg, 9. Abrëll 2017 op Näertrech an de Paalsbau

zu folgendem Programm:

Vun 10.00 Auer un: Trëppeltour vun 3,1 oder vun 6,5 km
(Op der Kontroll ënnerwee gëtt e Patt servéiert)

Am Paalsbau:

Apero

Vun hallwer eng un servéiere mir:

Zopp, Mielkniddelen mat Speck, Kaffi an Taart.

Natierlech servéiere mir och e gudde Patt.

Umeldungen fir d'Iessen duerch Iwwerweisung vun 25. - Euro op de Postscheck (bis den 31. Mäerz)
CCPLLULL LU35 1111 7051 6168 0000 – Syndicat d'Init. Wanseler Televie
(Ouni Umeldung kënne mer Iech nëmme bedéngt servéieren)

Jiddwer Awunner aus der Gemeng Wanseler, deen eis wëll hëllefen fir télévie ze spenden, an natierlech och jiddwer aneren kann dat och duerch e fräiwëllegen Beitrag op de selwechte Postscheck maachen. Mir iwwerreechen eng Lëscht vu sämtleche Spender den 22. Abrëll zu Wëntger un télévie.

Fir déi sportlech Leit aus der Gemeng hu mer Rendez-Vous den 22. Abrëll 2017 an der Schleef. Mir fuere mam Vëlo, iwwert d'Vëlospist a Richtung Wëntger. Den Depart an der Schleef ass um 10.00 Auer.